N°778
Entrée le 23.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'Fro n°635 schreift de Wirtschaftsminister, dass

1) de Recommandé électronique bei der POST Lëtzebuerg äquivalent mat engem Recommandésbréif a Pabeierform ass;
2) dass d'Regierung wäert un enger Promotioun vun dësem Service bei de Verwaltunge schaffen.

Domadder gouf leider net op d'Fro geäntwert, ob d'Bierger:innen dëse Service dann haut effektiv kënnen notzen. Eis ass ee Fall bekannt vun enger Verwaltung, déi den elektronesche Recommandé ignoréiert huet.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wann de Recommandé électronique haut schonns equivalent ass, firwat ignoréiere verschidde Verwaltunge beim Staat dësen?

2. Kann de Recommandé électronique, Stand elo, vun de Bierger:innen genotzt ginn, fir Korrespondenzen u staatlech Verwaltungen ze schécken a mussen all d'Verwaltungen dësen och unhuelen, wéi ee Recommandésbréif a Papeierform? Falls nee, ob wéi enger Base légale begrënnt sech, dass Verwaltungen dat net maachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°778
Entrée le 24.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et de Madame la ministre de la Digitalisation, Stéphanie Obertin, à la question parlementaire n°778 du 23 mai 2024 de Messieurs les députés Sven Clement et Marc Goergen au sujet du recommandé électronique de POST Luxembourg**

Et gëtt keng Obligatioun en elektronesche Recommandé unzehuelen, an den Absender muss d'Awëllegung vum Empfänger fir en elektronesche Recommandé hunn.

Dëse Service vum elektronesche Recommandé gëtt zanter Oktober 2023 vu POST ugebueden. Esou wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 635 schonn erkläert, huet d'Regierung virgesinn, a Kooperatioun mat POST, eng Promotioun vun dësem Service bei de staatleche Servicer ze maachen. Kuerzfristeg gëtt gekuckt, datt déi meescht staatlech Servicer den elektronesche Recommandé unhuelen, a spéider och Recommandéen elektronesch verschécke kënnen.

POST weist op Nofro drop hin, datt weider Entwécklunge vun deem Service virgesi sinn, fir d'Akzeptanz vum elektronesche Recommandé ze färderen an seng Utilisatioun ze vereinfachen.

Luxembourg, le 24/06/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles